

# KLIMAFINANZÉIERUNGS-PLATTFORM LËTZEBUERG-EIB

## DE RISIKO AUS DE KLIMA-INVESTITIOUNEN HUELEN

**De Klimawandel ass den dréngendste Problem, mat deem d'Welt haut konfrontéiert ass.** En huet souwuel kuerzfristeg wéi och laangfristeg Konsequenzen. Dës sinn evident a reeche vum steigende Mieresspigel an onberechenbarem extreme Wieder bis zu méi gesondheetleche Problemer a Pandemien. D'Auswierkunge vum Klimawandel spieren d'Vëlker op der ganzer Welt a se stellen eng existenziell Gefor fir Honnerte vu Millioune Leit duer.

Trotz der dréngender Noutwennegkeet fir de Klimawandel ze bekämpfen, stinn déi néideg Moossname viru finanziellen Erausfuerderungen. E puer vun den innovatiivste Betriber am Klimasecteur, deenen hir Aarbecht e reellen Impakt kann hunn a Liewe verbessere kann, kréie keng Finanzéierung, well et als riskant ugesi gëtt, a si ze investéieren. Verschidde Regiounen hunn och keng Finanzéierungsstrukturen oder keng Kapazitéit fir déi Betriber ze ënnerstëtzen, déi un alternativen Energien, der Energieeffizienz oder der nohalteger Landwirtschaft schaffen.

**D'Klimafinanzéierungsplattform Lëtzebuerg-EIB (LCFP) gouf 2017 vun der Europäescher Investitiounsbank (EIB) an der Regierung vum Groussherzogtum Lëtzebuerg an d'Liewe geruff** fir dës Erausfuerderungen unzegoen. Se gouf entwéckelt fir Kapitalinvestitiounen a Juniortranchë vu méischichtege Fongen ze maachen, wat d'Risiken an d'Investitiounen a Seniortranchë fir d'Acteure vum Privatsecteur reduzéiert. Dës Fongen investéieren dann a Betriber a Schwellelänner, déi sech u Projete fir de Klimawandel ofzeschwächen an un Adaptatiounsprojete bedeelegen. Dës Länner wäerten am schlëmmste vum Klimawandel getraff sinn, an doduerch kann, wa keng Moossnamen ergraff ginn, bis 2050 de forcéierten Deplacement vu bis zu 200 Millioune Leit verursaacht ginn an den Deplacement vu weideren 150 Millioune vun de ländleche Géigenden an d'Stied: ganz Vëlker, déi gezwonge sinn, hir Haiser wéinst der Desertifikatioun, der Buedemerosioun oder dem onbestännege Wieder ze verloossen.

**Fir dës Kris unzegoen, musse mir zesummeschaffen: D'Besoinen un Investitioune sinn enorm an d'Zäit leeft eis fort. D'EIB a Lëtzebuerg si bereet, méi ze maachen an invitéiere méi Donateuren sech anzebréngen.**

# FOKUS OP DEN IMPAKT

**Dat 13. Zil fir d'nohalteg Entwécklung vun der UNO ass et, dréngend Moossnamen ze ergräifen fir de Klimawandel a seng Auswierkungen ze bekämpfen.** D'Virdeeler duerch d'Projeten, déi vun der LCFP ënnerstëtzt ginn, hëllefen, dëst Zil ze erreechen: vu reduzéierten Emissiounen an Energiespuere bis zur Renaturéierung vum Buedem an der Promotioun vun den neien Technologien an nach villes méi.

D'Klimafinanzéierungsplattform Lëtzebuerg-EIB schafft am Moment mat véier Fongen. Se ënnerscheede sech wat d'geografesch Zon an d'Aktivitéitssecteuren uginn, mä si hunn alleguerte villsäiteg Auswierkungen.

**"D'Opbrénge vu privater Finanzéierung an de Risiko aus de Projeten an Entwécklungslänner eraushuele si fundamental Facteure fir d'Finanzéierungslück zouzemaachen. Lëtzebuerg ass e Leader am Beräich vun den nohaltege Finanzen an Europa. Ech sinn zefridde mam beandrockende Bilan, dee mir zesumme mat der EIB erreecht hu fir Investitiounen ze mobiliséiere fir de Klimawandel unzegoen an zum Erreeche vun den Ziler fir eng nohalteg Entwécklung bäizedroen."**

**Pierre Gramegna,** Lëtzebuerger Finanzminister



**"Eis Regierung an d'EIB hunn en innovativen neie Modell erstallt fir privat Investitiounen ze kanaliséieren. Domat stelle mir eis de sozialen an klimateschen Erausfuerderungen a färderen nei Weeër fir d'Finanzéierung vum Klima- an Ëmweltnoutstand. Dës Plattform gëtt eis Méiglechkeete fir méi Aktioune fir eng nohalteg Zukunft ëmzesetzen. Ech si frou, dass mir dëst Zil erreechen a weider d'Positioun vu Lëtzebuerg als Leader an dësem Beräich festegen."**

**Carole Dieschbourg,** Lëtzebuerger Ministerin fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung

# D'GESCHICHT BIS ELO

Bis haut huet d'LCFP zesumme mat der EIB a véier verschidde Fongen investéiert. Et handelt sech ëm de Green for Growth Fund, de Land Degradation Neutrality Fund, de Climate Resilience Solutions Fund an den Access to Clean Power Fund.


**Den Hieweleffekt vun der LCFP**

**20 Milliounen € LCFP + 166 Milliounen € EIB**

↓

**3,4 Milliarden € a Projetsinvestitiounen**

Jee no Fong läit den erwaarte Multiplikatiounseffekt vum LCFP, definéiert als d'Verhältnis vun der Gesamtinvestitioun an endgülteg Projete par Rapport zur LCFP hirem Ufanksengagement tëschent ongeféier 146x am Fall vum Climate Resilience Solutions Fund, an ongeféier 250x fir de Green for Growth Fund an de Land Degradation Neutrality Fund.




# Green for Growth Fund

De Green for Growth Fund (GGF), dee vu Finance in Motion berode gëtt, ass en Impakt-Investmentfong, deen de Klimawandel mitigéiert an en nohaltege Wirtschaftswuesstem fërdert, haaptsächlech duerch Investitioun a Moossnamen, déi den Energieverbrauch, de Ressourcëverbrauch an d'$CO_2$-Emissiounen reduzéieren. De Fong ass eng ëffentlech-privat Partnerschaft, déi Risikokapital benotzt, dat vun ëffentlechen Institutiounen zur Verfügung gestallt gëtt, mat zousätzlechem private Kapital fir d'Investitiounsvolumen a Regiounen a Secteuren ze erhéijen, déi normalerweis keng esou Investitiounen unzéien.

| | |
|---|---|
| Bäitrag vun der LCFP | 5 Milliounen € |
| Kofinanzéierung vun der EIB | 75 Milliounen € |
| Zilgréisst vum Fong | 500 Milliounen € |
| Geografie | Südosteuropa, Nopeschlänner am Oste vun Europa, Mëttleren Osten, Nordafrika |
| Fokus | **Ofschwächen:** Energieeffizienz, erneierbar Energie |

## FINANZÉIERT SECTEUREN






## IMPAKT BIS HAUT

Reduktioun vun **939 273** Tonnen $CO_2$ pro Joer
Energieerspuernis vun **3,68** Milliounen MWh/Joer
**1 066 MW** erneierbar Energiekapazitéit installéiert
Waassererspuernis a Waassertraitement vun **113 459 m³** pro Joer
Offallvermeidung an Offalltraitement vun **365 151 Tonne** pro Joer
**16 224 Tonne** Réistoffer pro Joer gespuert





# Land Degradation Neutrality Fund

De Land Degradation Neutrality Fund (LDNF), dee vu Mirova Natural Capital geréiert gëtt, ënnerstëtzt Projeten aus dem Privatsecteur, déi eng nohalteg Landverwaltung an -Notzung, an d'Renaturalisatioun vun zerstéiertem Land förderen, haaptsächlech duerch nohalteg Landwirtschaft a Forstwirtschaft. Projeten, déi a Fro kommen, bréngen Ëmwelts- a sozioekonomesch Virdeeler an hunn d'Zil, Aarbechtsplazen ze schafen an d'Akommes um Terrain ze verbesseren.

| | |
|---|---|
| Bäitrag vun der LCFP | 5 Milliounen € |
| Kofinanzéierung vun der EIB | 39 Milliounen € |
| Zilgréisst vum Fong | 300 Milliounen $ |
| Geografie | Afrika, Karibik, Pazifik, Asien |
| Fokus | **Adaptatioun:** nohalteg Landbenotzung, Renaturalisatioun vum Land |

## FINANZÉIERT SECTEUREN



## ERWAARTEN IMPAKT

Renaturalisatioun a Rehabilitatioun vu ronn 500 000 Hektar zerstéiertem Land a Reduktioun un $CO_2$-Emissiounen ëm 35 Milliounen Tonnen.




# Access to Clean Power Fund

Den Access to Clean Power Fund (ACPF), dee vu responsAbility geréiert gëtt, ënnerstëtzt kleng Betriber, déi Léisunge fir d'erneierbar Energie ubidden, vum Off-Grid bis op d'Stroumproduktioun fir den eegene Gebrauch (kollektiv, verdeelt Stroumproduktioun). De Fong huet d'Zil, zu positive wirtschaftlechen, sozialen an ekologeschen Auswierkunge bäizedroen a Betriber bei hirem Wuesstem ze hëllefen, andeems hien en Ëmlafkapital ubitt fir hinnen ze erlaben, hir Stocken a Kreditter ze bezuele souwuel wéi och spezifesch Poste vum Projet ze finanzéieren.

| | |
|---|---|
| Bäitrag vun der LCFP | 5 Milliounen € |
| Kofinanzéierung vun der EIB | 26 Milliounen € |
| Zilgréisst vum Fong | 156 Milliounen $ |
| Geografie | Subsahara-Afrika, Asien, Pazifik |
| Fokus | **Ofschwächen:** Energieeffizienz, erneierbar Energie |

## FINANZÉIERT SECTEUREN






## ERWAARTEN IMPAKT

Besseren Energiezougang fir **171** Millioune Leit

**5,2** Milliounen Tonnen $CO_2$-Emissioune gespuert

Zousätzlech **6 100** kleng Betriber hu besseren Energiezougang

**2 306** MW nei propper Stroumproduktiounskapazitéit



# Climate Resilience Solutions Fund

De Climate Resilience Solutions Fund (CRAFT), dee vu Lightsmith Group geréiert gëtt, ass den éischten Investmentfong, dee sech op d'Klimaadaptatioun konzentréiert, an den éischte kommerziellen Investmentfong, dee sech op kleng Betriber konzentréiert, déi am Beräich vun de Klimainformatiounen a -Léisunge fir Entwécklungslänner involvéiert sinn (landwirtschaftlech Analys, Analys vun der Versuergungsketten, Risikomodelléierung fir Katastrofen, geospatial Biller a Kartographie, Waasserbeschafung a Bewässerung, robust Ernierungssystemer).

| | |
|---|---|
| Bäitrag vun der LCFP | 5 Milliounen € |
| Kofinanzéierung vun der EIB | 26 Milliounen € |
| Zilgréisst vum Fong | 250 Milliounen $ |
| Geografie | Asien, Latäinamerika, Afrika |
| Fokus | **Adaptatioun:** intelligent Léisunge fir de Klimawandel |

## IMPAKT


De CRAFT suivéiert verschidden Haaptleeschtungsindicateuren um Niveau vun de Projeten, an déi investéiert gëtt, fir hiren Impakt, d'Waasserquantitéit, déi duerch d'Uwennung vun neien Technologië gespuert gouf, an d'Quantitéit vun der Liewensmëttelverschwendung, déi duerch nei Lagerléisunge vermidde gouf, ze bestëmmen.

## AUSGEWIELT SECTEUREN

Energie a Waasser

Liewensmëttel a Landwirtschaft

Transport/Logistik






**"Fir dass d'EIB eng effikass Roll am Kampf géint de Klimawandel ka spillen, ass et essentiell, dass mir eis mat aneren engagéierte Partneren zesummendoen. D'lëtzebuergesch Regierung ass e laangjärege Partner vun der Europäescher Investitiounsbank a mir si frou, mat hir un enger Rei vun Initiativen ze schaffen. D'LCFP verbessert d'Liewe vu Millioune Leit uechter d'Welt. Dat ass den Impakt, dee mir mussen hunn, well de Klimawandel betrëfft scho Leit a Betriber iwwerall."**

**Ambroise Fayolle,** Vizepresident vun der EIB

# Virdeeler vum Investéiere mat der Klimafinanzéierungsplattform Lëtzebuerg-EIB

D'LCFP ass eng Plattform mat schnellen Entscheedungsprozesser a kloere Kritäre fir d'Klimafinanzéierung. Andeem se dem Fong bäitrieden hunn eis Partner folgend Virdeeler:

- **Origine an Ofdeckung:** Als féierenden Investisseur a Fongen op der ganzer Welt, bréngt d'EIB den Donateuren an Investitiounspartner eng global Ofdeckung.
- **Suergfalt an technesch Expertis:** E strenge Bewäertungsprozess iwwerpréift déi wirtschaftlech, ekologesch, finanziell, sozial an technesch Aspekter. D'EIB huet eng grouss intern technesch Expertis (iwwer 300 Ingenieuren an Economisten).
- **Juristesch a strukturell Aspekter:** Eng staark intern Struktur a juristesch Expertis durch emfangräich Erfarung aus der Investitioun a Fongen garantéiere brancheféierend Investitiounsstandarden.
- **Ekologesch a sozial Standarden, Iwwerwaachung a Berichterstattung:** Streng Ëmwelt- a Sozialstandarden, e strengen Iwwerwaachungs- a Berichterstattungskader an Upassung un aner international Finanzinstituter.

Europäesch Investitiounsbank
d'Bank vun der EU

Europäesch Investitiounsbank
98-100, boulevard Konrad Adenauer
L-2950 Luxembourg
+352 4379-1
www.eib.org – info@eib.org

twitter.com/EIB
facebook.com/EuropeanInvestmentBank
youtube.com/EIBtheEUbank
www.eib.org/climate

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Finanzministère
Jennifer de Nijs
3, rue de la Congrégation
L-2931 Luxembourg
+352 247 82664 – JenniferDeNijs@fi.etat.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung
Jimmy Skenderovic
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg
+352 621 206 626 – Jimmy.Skenderovic@mev.etat.lu

© Europäesch Investitiounsbank, 04/2021 LB Fotokreditter: Shutterstock, Jordan Wind Power